ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Laut Ministère komme vum Schouljoer 2023/24 gréisser Ännerungen op d'Librairien duer, déi mam Ministère konventionéiert si fir de Verkaf vun de gratis Schoulbicher fir d'Lycéeën. D'Fédération luxembourgeoise des Libraires huet un déi betreffend Librairien ee Formulaire geschéckt, fir chiffréiert Informatiounen iwwer de Verkaf vu Schoulbicher am Kader vum Programm "mybooks.lu" ze kréien. Bei dësem Sondage huet op d'mannst eng vun de concernéierte Librairien op d'Fro *"Quelle serait la conséquence pour votre librairie si le MEN/SCRIPT ne faisait plus un appel à partenariat dans le cadre du GMS / mybook.lu?"* d'Case *"Impact majeur: risque de fermeture de la librairie"* cochéiert.

Am Kontext vun der Diffusioun vun de Schoulbicher fir d'Rentrée scolaire 2022/23 gëtt et eng Ännerung, wat d'Schoulbuch „Envol", Tomes 1, 2 an 3 ugeet, dat bis elo ëmmer vum Lehrmittelverlag Zürich iwwert eng Lëtzebuerger Distributiounslibrairie ausgeliwwert gouf. De 6. Juli 2022 kruten déi mam MEN konventionéiert Librairien eng E-Mail vum SCRIPT, an där annoncéiert gouf, dass de SCRIPT vun der Rentrée scolaire 2022/23 un d'Ausliwwerung un d'Librairien iwwerhuele géif. De Verkafspräis wéi och d'Remise libraire géifen onverännert bleiwen, awer d'Retoure vun de Schoulbicher géifen net méi akzeptéiert ginn. Déi betreffend Librairien hate vun Ufank u beim Lehrmittelverlag Zürich en Droit de retour vun 20%. Souguer bei deene Schoulbicher, déi vum Ministère selwer editéiert ginn a vum Centre des technologies de l'information de l'État (CTIE) ausgeliwwert ginn, hate si en Droit de retour vu 15%. Doriwwer eraus konnte si déi Bicher, déi net méi um Programm stinn, zréckginn.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Bleift de System „MyBooks" **exklusiv** fir déi Librairien, déi zu Lëtzebuerg etabléiert sinn an déi mam Ministère conventionéiert sinn, zu deene selwechte Konditioune bestoen?
2) Wéi vill Prozent vun de Schoulbicher wäerten an Zukunft just nach als E-Book um Programm stoen?
3) Wäert d'Distributioun vun deenen E-Books zukünfteg iwwer d'Librairien ofgewéckelt ginn?
4) Op wéi enger legaler Basis kann de SCRIPT an d'Privatwirtschaft agräifen, andeems dëse Service decidéiert, d'Distributioun vun de Schoulbicher an domat d'Konditioune fir d'Librairien, déi scho laang bestinn, zu deenen hirem Nodeel ze änneren? Missten

net déi selwecht Konditiounen erhale bleiwen, wann de SCRIPT als Successeur d'Distributioun iwwerhëlt?

5) Missten net wéinstens déi selwecht Konditioune fir den Droit de retour bestoe bleiwe wéi beim CTIE, also op d'mannst 15%?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup,
Deputéierten